N°845
Entrée le 04.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Ufank Juni gouf et um RTL e Sonndesinterview mat dem Chef vun der Rechtsmedezin vum LNS. Dobäi gouf och iwwert Doudesfäll bei jonke Leit geschwat. Beim plëtzleche Kandsdoud fuerdert den Dr. Thorsten Schwark, dass méi Autopsië solle gemaach ginn. Dës géifen aktuell just gemaach ginn, wann den Dokter, deen d'"Läicheschau" virhëlt, Zweifel un der Doudesursaach hätt. E plëtzleche Kandsdoud kéint laut dem Dr. Schwark awer just unhand vun enger Obduktioun an aneren zousätzlechen Ënnersichungen diagnostizéiert ginn, aner méiglech Ursaache missten dofir ausgeschloss gi sinn. Dem Dr. Schwark senger Erfarung no géif ee bei enger Obduktioun dann awer méi oft festgestallt ginn, dass et sech ëm een "*Tötungsdelikt*" gehandelt huet. Bei 3 bis 5% vun den Autopsië vu Puppelcher, déi hien am Laf vu senger Karriär gemaach hätt, wär dat nämlech de Fall gewiescht. Dem Thorsten Schwark no misst all Persoun ënner 18 Joer, déi plëtzlech verstierft, a wou keng wesentlech Virerkrankung bekannt ass, obduzéiert ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt aktuell net bei alle Kanner a Mannerjäregen, bei deene keng Virerkrankunge bekannt sinn a plëtzlech verstierwen, eng Obduktioun gemaach?

2. Hätt Lëtzebuerg haut d'Kapazitéite fir dëst ze maachen? Wa nee, wéi vill zousätzlech Ressource géifen dofir gebraucht ginn, fir dass all verstuerwene Mannerjäregen, am LNS kéinten obduzéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N°845
Entrée le 05.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 845 vum 4. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. *Firwat gëtt aktuell net bei alle Kanner a Mannerjäregen, bei deene keng Virerkrankunge bekannt sinn a plëtzlech verstierwen, eng Obduktioun gemaach?*

Et sief agangs ënnerstrach dass ee muss den Ënnerscheed maachen tëschent engersäits enger forensescher Obduktioun, déi gemaach gëtt wann et Indicë ginn, dass eng Friemawierkung bei der Doudesursaach stattfonnt huet an déi ënnert der Kontroll vun de Justizautoritéite vun engem Rechtsmedezinner gemaach gëtt, an anerersäits enger medezinescher Obduktioun déi an der Regel vun engem Patholog gemaach gëtt fir déi reng medezinesch Grënn vun der Doudesursaach festzestellen, ouni dass d'Fro vun enger Friemawierkung am Raum steet.

Fir eng Obduktioun ordonéieren ze kënnen, mussen ettlech Punkte consideréiert ginn. All Medezinner kann en Doudeschäin ausstellen an en Doud als natierlech, schro, onbekannt a verdächteg, oder onbekannt a onverdächteg klassifizéieren. Nëmme schro esouwéi onbekannten a verdächteg Doudesfäll mussen der Police grand-ducale oder dem Parquet gemellt ginn. Zu Lëtzebuerg ginn Obduktiounen haaptsächlech am Kader vu geriichtlechen Enquêten duerchgefouert, falls et Ongewëssheeten zu der Doudesursaach ginn, wann d'Ëmstänn ronderëm den Doud verdächteg sinn an ee Gewalt net ausschléisse kann (forensesch Obduktiounen).

Ob eng forensesch Obduktioun duerchgefouert gëtt decidéieren eenzeg an aleng d'Justizautoritéiten.

D'Dokteren, déi den Doudeschäin ausstellen, sinn dofir verantwortlech d'Doudesursaach ze bestëmmen an d'Autoritéiten, also d'Police oder de Parquet, z'informéieren falls et Hiweiser ginn déi op eng potenziell verdächteg oder gewaltsam Doudesursaach zeréckféiere kënnen.

Wann en Doudesfall vum Dokter, deen den Doudeschäin ausstellt, souwäit net anescht uginn, als natierlech agestuuft gëtt, kann mat den momentan gëltege Protokoller keng Obduktioun als noutwenneg consideréiert ginn.

Allerdéngs kann all Dokter, mam Averständnes vun der Famill, eng Obduktioun ufroen. An dësem Fall gëtt d'Obduktioun vun de Pathologen duerchgefouert.

Eng systematesch medezinesch Obduktioun bei Mannerjäregen ouni Virerkrankung oder bei engem plëtzleche Kandsdoud gëtt net duerchgefouert , well dat haut net zwéngend virgesinn ass.

2. *Hätt Lëtzebuerg haut d'Kapazitéite fir dëst ze maachen? Wa nee, wéi vill zousätzlech Ressource géifen dofir gebraucht ginn, fir dass all verstuerwene Mannerjäregen, am LNS kéinten obduzéiert ginn?*

Op Basis vun de bestoende Statistike verfüügt Lëtzebuerg den Ament iwwer genuch Capacitéite fir, am Fall vun engem Verdacht op e Verbriechen oder am Fall wou d'Ursaachen net kloer sinn, Obduktioune bei plëtzlechen Doudesfäll vu Mineuren duerchféieren ze kënnen.

D’Rechtsmedezinner ginn nëmmen dann an der Entscheedung iwwer eng Obduktioun impliziéiert, wa se vun der Justiz oder vum Hausdokter ëm Rot gefrot ginn.

2022 sinn insgesamt 27 Persoune ënner 20 Joer gestuerwen. Ënner deene sinn 8 Doudesfäll op extern Ursaachen zeréckzeféieren.

Opgrond vun der relativ gerénger Zuel vun dësen Doudesfäll zu Lëtzebuerg ass et aus forensescher Siicht den Ament net néideg zousätzlech Ressourcë fir systematesch Obduktioune bei all de Mineuren z’envisagéieren.

Et ass wichteg ze preziséieren, dass d’Decisioun iwwer d’Noutwendegkeet vun enger Obduktioun mat den internationale Standarde a bewäerte Praktike vun der Rechtsmedezin getraff gëtt.

Lëtzebuerg, den 5. Juli 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez